**Club**
**Am Schlass**
*centre de rencontre*



| WANTER |
2022
2023








VIRWUERT







# DE "CLUB AM SCHLASS"
# WANTER 2022



Léif Frënn vum Club Am Schlass,

Nodeems mir déi vill Feierdeeg gemittlech doheem mat Famill a Frënn verbruecht hunn, wëlle mir Iech och weider eng flott Zäit gestalten.

Lass geet et mat eisem nach neie Konzept fir Iech d'Handhabung vum Handy mat der Hëllef vun engem Jugendlechen aus eisem Jugendhaus méi einfach ze maachen.

Um Ufank vum Joer däerf natierlech eisen traditionellen Neijoerschpatt net feelen, wou mir zesummen op dat neit Joer ustoussen an ee flotten a lockeren Nométteg mat Iech verbréngen.

Bei eisen ëmmer méi beléiften Tréppeltier weist den Ed eis déi fantastesch Natur, déi an all Joreszäit hiren impressionante Charme huet. Nodeems vill vun Iech esou begeeschtert si fir ze danzen, hutt Dir d'Méiglechkeet op eisem traditionellen Thé Dansant Är Féiss sprangen ze loossen.

Eng ganz interessant Konferenz steet och um Programm, déi een zum Nodenke bréngt. Déi eng oder aner flott Visitt gëtt Iech bestëmmt Loscht fir erëm mat ze goen, mee mir iwwerloossen Iech et awer selwer duerch d'Broschür ze bliederen an dës ze entdecken.

Mir hoffen, datt Dir all am neie Joer weider esou motivéiert sidd a freeën eis immens Iech op all eisen Evenementer begréissen ze dierfen.

*Mir freeën eis op Iech,*




Är Equipe vum Club Am Schlass

**CHRISTELLE BAILEY & MARGOT JEMMING**



## TRËPPELTIER

mam
Edmond Pansin,
Christelle Bailey &
Margot Jemming



## AGENDA

Smartphone-Café

N°01



## NEIJOERSCHPATT

Mir freeën eis op Iech !

N°02



## VISITT

Abtei Stavelot

N°03


# #CONTENT





# VISITT

**Klouschterbäckerei Yolande Coop**
**& Fligermusee vu Mondorf**



N°04




KONFERENZ

**"Ma volonté en fin de vie"**

N°05






VISITT

**Nürburgring & Ring°Werk**

N°06





VISITT

**Villa Vauban**

N°07


# #CONTENT



**THÉ DANSANT**

mam Orchester
Ever Dance


**N°08**




**FILM NOMËTTEG**

"Song for Marion"

**N°09**



SAVE THE DATE

# SALZBURGER LAND


24. JUNI - 01.JULI **2023**

**№ 003-004**



**Aus Respekt biede mir Iech d'Auerzaiten anzehalen!**

UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRUN AUSSER WA MIR DEE GANZEN DAG GINN. WA MIR MAM BUS FUERE MUSSEN, KOMMEN D'FRAISE VUM BUS DOBÄI.







# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin,
Christelle Bailey & Margot Jemming



**„Was ich nicht erlernt habe,**
**das habe ich erwandert.“** *(Johann Wolfgang von Goethe)*

Ufanks vum Joer ass d’Loft nach frësch a kal an da fillt et sech richteg gutt un fir bei eisen ofwiesslungsräichen Trëppeltier mat ze goen. Eisen Ed, deen eist Land bal esou gutt ewéi seng Boxentäsch kennt, bréngt et ëmmer erëm fäerdeg eis esou vill nei Weeër kënnen ze weisen an dat net nëmmen hei am Duerf.

D’Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

**Konditioun: Gutt zu Fouss**



* Vergiesst och wannechgelift net fest Schong
a Gedrénks matzehuelen!
D’Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.

| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDES, 17\|01\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 – 8 KM |
| DËNSCHDES, 31\|01\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 – 8 KM |
| DËNSCHDES, 21\|02\|2023 | DEPART UM 09:30 AUER GANZEN DAG MAT IESSEN * | MOIES ± 5 - 7 KM MËTTES ± 3 KM |
| DËNSCHDES, 07\|03\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 – 8 KM |
| DËNSCHDES, 21\|03\|2023 | DEPART UM 09:30 AUER GANZEN DAG MAT IESSEN * | MOIES ± 5 - 7 KM MËTTES ± 3 KM |

* UMELDUNG BIS 1 WOCH VIRDRUN






# PROGRAMM VUN DE VISITTEN


# 01




## Smartphone-Café

croix-rouge
luxembourgeoise
*Mënschen hëllefen*







JANUAR

# AGENDA
# SMARTPHONE-CAFÉ

Mat GoldenMe a mam Jugendhaus vu Bartreng



Hutt Dir eng Fro zu Ärem Smartphone? Wéilt Dir virum Kaf vun engem neie Smartphone, Laptop oder Tablett berode ginn? Oder braucht Dir Hëllef bei de Funktionalitéite vun Ärem Smartphone/ Tablett?

Hei am Smartphone-Café kritt Dir eng individuell Berodung an Hëllefstellung bei Froen zum Smartphone, Tablett a Co. Bréngt ganz ouni Drock Är Froe mat op en entspaanten Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär am Café an der Schauwebuerg, an Dir kritt se wärend engem Eenzelgespréich vun 30-40 Minutte beäntwert.

GoldenMe



## DE SMARTPHONE-CAFÉ MÉCHT SENG DIEREN OP:

| | | |
|---|---|---|
| DONNESCHDES, 05\|01\|2023 | VUN 14:00 BIS 17:00 | BELLE ETOILE |
| DËNSCHDES, 14\|02\|2023 | VUN 14:00 BIS 17:00 | MAISON SCHAUWENBURG |
| SAMSCHDES, 01\|04\|2023 | VUN 14:00 BIS 17:00 | MAISON SCHAUWENBURG |

UMELDUNG BIS JEEWEILS ENG WOCH VIRDRUN

# 02



Neijoerschpatt








JANUAR

# NEIJOERSCHPATT
## VUM CLUB AM SCHLASS

02



Als klenge Merci fir Är grouss Presenz an eise Coursen a bei eisen Excursiounen invitéiere mir Iech häerzlechst op eisen Neijoerschpatt. An enger gemittlecher Atmosphär loosse mir dat lescht Joer nach eng Kéier Revue passéieren, Dir kritt d'Méiglechkeet eise Club besser kennen ze léieren a vläicht fannt Dir Interessi un anere Coursen oder Excursiounen.

Mir freeën eis elo schonn drop, Iech am Club Am Schlass ze begréissen a mat engem Pättchen op d'neit Joer unzestoussen.



**SAMSCHDES,**
**14|01|2023**

| | | | |
|---|---|---|---|
| WOU: | MAISON SCHAUWENBURG | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 14:00 - 17:00 AUER | UMELDUNG BIS: | 06\|01\|2023 |

# 03



Abbaye de Stavelot (Wallonie)







JANUAR

# VISITT VUN
# DER ABTEI STAVELOT

03



D'Abtei Stavelot ass ee Benediktinerklouschter an der Provënz Léck, wat als aussergewéinlechst Kulturierwe vun der Wallonie agestuuft ass. Dëst Klouschter gouf am 7. Joerhonnert gegrënnt an am 18. Joerhonnert wärend der franséischer Revolutioun opgeléist.

An dëse wonnerbare restauréierte Gebaier huet eent d'Méiglechkeet 3 verschidde Muséeë vu flotten Autoe bis zu impressionnante Konschtausstellungen ze entdecken. A wann d'Wierder et och nëmmen e bësselchen erlaabt kann een och dee wonnerbare Klouschtergaart kucke goen. Mir kréien haut eng gefouert Visitt vum Musée du Circuit de Francorchamps an eng aner vum Musée historique de la Principauté de Stavelot. Wann d'Zäit et erlaabt, kënnt Dir gären individuell déi aner kucke goen.

Wa mir ukomme gi mir mat Kaffi a Croissant empfaangen ier mir eis éischt Visitt hunn.


Fir d'Mëttegiesse steet folgende Menü um Programm:

### ENTRÉE:
Terrine ardennaise et confit d'oignons

### PLAT:
Carbonnades de boeuf à la stavelotaine et gratin dauphinois

### DESSERT:
Tarte du jour

**A net ze vergiesse gëtt et als Gedrénks eng Blonde oder eng Brune aus der Abtei beim Iessen.**





## MËTTWOCHS,
25|01|2023


| | |
|---|---|
| **TRËFFPUNKT:** | **PARKING ARCA** |
| **AUERZÄIT:** | **08:00** |
| **RETOUR:** | **GÉINT 19:00 AUER** |
| **PRÄIS:** | **80 €** (MAT IESSEN) |
| **UMELDUNG BIS :** | **10 \| 01 \| 2022** |

# 04




## Fligermusée










VISITT VUN DER

# KLOUSCHTERBÄCKEREI YOLANDE COOP & FLIGERMUSEE VU MONDORF

04



D'Yolande Coop ass eng sozial Ariichtung vun Elisabeth. Si bitt Leit mat intellektueller Behënnerung eng ugepassten Aarbecht, wat erlaabt, dass dës Mënsche schaffen an hire Liewensënnerhalt verdéngen. Op dräi verschiddene Standpunkte schaffen dës Leit an aacht verschiddenen Ateliere fir beruflech Inclusioun.

Haut besiche mir d'Klouschterbäckerei zu Mondorf a kréien een Abléck an dës Aarbechtswelt.

Dono gi mir zesummen zu Mëtteg iessen. Am Nomëtte besiche mir deen éischte Loftfaartmusée vu Lëtzebuerg am Park vum Thermalbad Mondorf. Säit 2012 éiert dëse Musée d'Stad Mondorf, déi am Abrëll 1910 d'Plaz vum éischte Vol am lëtzebuergesche Loftraum ginn ass. Hei entdecke mir alles iwwert déi technologesch Entwécklung aus dem leschte Joerhonnert. Mee mir gesinn awer och deen eelsten Holzfliger, deen 1946 hei am Land geflunn ass, sou wéi nach vill Flottes an Interessantes iwwert d'Fligerei.



YOLANDE COOP

MËTTWOCHS


08 | 02 | 2023

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg


| | |
|---|---|
| TRËFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 08:00 |
| RETOUR: | 17:30 |

| | |
|---|---|
| PRÄIS: | 25 € (OUNI IESSEN) |
| UMELDUNG BIS : | 01 \| 02 \| 2023 |

# 05


MEIN WILLE
AM ENDE DES LEBENS
OMEGA 90 a.s.b.l.
DAS LEBEN BEGLEITEN BEI KRANKHEIT, STERBEN, TOD UND TRAUER

## OMEGA 90


NOM
DOUD
ÄDDI
SOEN





# KONFERENZ
# „MA VOLONTÉ EN FIN DE VIE“ VUN OMEGA 90


05




Iwwert säin eegent Liewensenn nozedenke fält net jidderengem liicht. An dach ass et e wichtegt Thema, iwwert dat et gutt wier, sech selwer am Kloren ze sinn an och mat senger Famill oder senge Frënn kënnen ze schwätzen.

Omega 90 proposéiert Iech dëst Thema mol eng Kéier unzegoen. Dës Konferenz gëtt en Iwwerbléck op déi lëtzebuergesch Legislatioun a weist Piste fir sech op d'Schreiwe vu sengem Wëlle fir d'Liewensenn virzebereeden.





MËTTWOCHS,
22|02|2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| WOU: | MAISON SCHAUWENBURG | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 15:00 - 17:30 AUER | UMELDUNG BIS : | 21\|02\|2023 |

# 06




## Nürburgring





# NÜRBURGRING
# BACKSTAGE-TOUR A VISITT VUM RING°WERK

06



**Wollt Dir Iech och schonn ëmmer eemol wéi ee Pilot a senger Rennmaschinn fillen?**

Bei enger Backstage-Tour riskéiere mir een Abléck hannert Kulisse vun der Motorsport Geschicht. Wat geschitt an der Boxegaass? Wou schaffe bis zu 500 Journalisten un engem Rennweekend? Wéi geet et am Pilotelager zou? D'Visiteure begéinen esou d'Welt vum internationale Motorsport an och wat hannert den Diere vun der legendäerster Rennstreck vun der Welt leeft.

**No dësem Tour iesse mir zesummen um Site.**

Mëttes erliewe mir am

**Ring°Werk-Museum**

alles ronderëm de Mythos Motorsport a Mobilitéit. An deene verschiddene Simulatore komm Dir dësem Mythos op d'Spuer.







## FREIDES,
17 | 03 | 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| TRËFFPUNKT: | PARKING ARCA | PRÄIS: | 80 € (MAT IESSEN) |
| AUERZÄIT: | 08:30 | UMELDUNG BIS : | 07 \| 03 \| 2023 |
| RETOUR: | 19:00 | | |

# 07



Villa Vauban








# VISITT VUN DER
# VILLA VAUBAN





D'Villa Vauban, déi mir haut besichen, ass nom Fransous Sébastien Le Prestre de Vauban benannt, deen am 17. Joerhonnert eng Festung op dës Plaz gebaut hat. Am 19. Joerhonnert gouf dës Villa vun engem franséischen Architekt gebaut a 1949 huet d'Stad Lëtzebuerg se kaf fir Konschtsammlungen. Nodeems se an den 90er Jore wärend enger Zäit eisem Groussherzog seng Residenz war, ass se 1995 als Konschtmusée opgaangen. Vun 2004 bis 2010 ass se op 2000 m2 Ausstellungsfläch ausgebaut ginn a bréngt haut europäesch Konscht, sou wéi och Stécker vu lëtzebuergesche Kënschtler ënner.

Bei eiser Visitt kréie mir vun engem Guide d'Dauerausstellung "Ein Spaziergang durch die Kunst" erkläert.

Mir iessen zu Mëtteg hei am Duerf a fuere mam ëffentlechen Transport an d'Stad.



## DONNESCHDES,
23 | 03 | 2023

**TRËFFPUNKT:** PARKING ARCA
**AUERZÄIT:** 11:30
**RETOUR:** 17:00

**PRÄIS:** 10€ (OUNI IESSEN)
**UMELDUNG BIS :** 15 | 03 | 2023

# 08



Orchester Ever Dance







# THÉ DANSANT
# MAM ORCHESTER EVER DANCE

08





**„Tanzen ist träumen mit den Beinen."**

Et ass endlech nees Zäit fir d'Danzschong aus dem Schaf ze huelen! Kommt nom Mëttegiesse laanscht a loosst Iech vum Orchester an déi richteg Stëmmung bré-nge fir op der Danzpiste lasszeleeën.

Mee och d'Net-Dänzer sinn häerzlech wëllkomm a kënnen ee ganz flotten Nomëtteg an enger fantastescher Ambiance erliewen.

**Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.**






SONNDES,

26 | 03 | 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| WOU: | CENTRE ATERT | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 15:00 - 20:00 AUER | UMELDUNG BIS : | 20 \| 03 \| 2023 |

# 09



## Song for Marion







# FILMNOMËTTEG
# " SONG FOR MARION "


Eng brittesch Drama-Komedie vum Paul Andrew Williams





Den 72järegen Arthur (Terence Stamp) ass een ale, scheien a granzege Mann. Hien traut just senger kriibskranker Fra Marion (Vanessa Redgrave), a mat sengem eenzegen erwuessene Jong James (Christopher Eccleston) streit hien och ëmmer. D'Marion sengt an engem chrëschtleche Chouer, deen nieft traditionelle Lidder och mol Heavy-Metal Lidder prouft. Obwuel den Arthur fir dësen Hobby kee Verständnes huet, ënnerstëtzt hien awer seng Fra Marion. Déi charmant Dirigentin Elizabeth (Gemma Arterton) wëll den Arthur onbedéngt dobäi hunn a kritt hien trotz senger Stuerheet iwwerzeegt fir mat ze sangen. Dobäi entdeckt den Arthur vergiesse Liewensfreed an erkennt datt et ni ze spéit ass fir säi Liewen ze änneren. De Chouer mam Arthur schéngt bereet ze si fir ee Gesangsconcours unzetrieden, zu deem d'Elizabeth si ugemellt huet...



## MËTTWOCHS,
29|03|2022

Movie Time

| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |
| FILMDAUER: | 93 MINUTES |
| UMELDUNG BIS: | 28\|03\|2023 |
| VERSION: | ( DE ) |



Salzburger Land








# VAKANZ
# SALZBURGER LAND
# 24.06. - 01.07.2023





Op Flachau an d' Salzburger Land geet et fir eng impressionant Woch am Hotel Flachauerhof. Hei follegt ee sengem eegenen Häerz a fillt ee sech fräi a glécklech. Zesummen erliewe mir d'Schéinheet vun der Natur a sammele ganz flott Impressiounen. Dobäi maache mir ganz interessant a kulturell Visitten.

Um Programm steet natierlech Salzbuerg, dem Mozart seng Gebuertstad. Mee och Berchtesgaden mat sengem bekannte Kehlsteinhaus, vu wou een en herrleche Bléck iwwert de Königssee bis zum imposante Watzmann mat sengen 2713 Meter huet. En Tour mam Boot um Königssee ass och dobäi. Mir ginn awer och en Dag wanderen, wou mir op enger Alm zu Mëtteg iessen. Am Salzburger Land geet een awer och déi eelste Salzminn vun der Welt kucken an dat sinn déi bekannte Salzwelten zu Hallstatt.

D'Kaiserin Sissi hat hier Summerresidenz zu Bad Ischl, d'Kaiservilla mat deem herrleche Park, déi wierklech bewonnerungswäert ass. Mat engem Tour op der Seelbunn Katrin fir op den Elferkogel erop, schléisse mir ee flotten Dag of. Am Summer kann een och Äis kucke goen an zwar ass dat zu Werfen an der Eisriesenwelt.

**Mir hoffen Dir hutt Loscht kritt.**

Dee geneeë Programm mam Präis kënnt Dir ab Januar bei eis ufroen.




## SAVE THE DATE


24|06|2023 - 01|07|2023

**UMELDUNG BIS : 31|03|2023**
**ODER ESOU LAANG PLAZ ASS**

**Konditioun: Gutt zu Fouss**




# EISE
# FOTOS
# RËCKBLÉCK







# TRËPPELTIER






















# VILLA BORG

03-08-2022














# KOBLENZ

10-08-2022

























# VISITT VUN DER OURDALLER

24-08-2022

















# PAFENDALL

01-09-2022
















# CLAIREFONTAINE

11-10-2022












Club
Am Schlass


SENIORS
FOIRE
15.10.2022

# FOIRE SENIORS


15-10-2022













# MOSEL LICHT UND FLAMMEN

21-10-2022








LUXEMBOURG
















# STADE DE LUXEMBOURG

24-10-2022







RUFFBUS
BERTI
Umweltschonend und flexibel durch die Gemeinde Bartringen
Écologique et flexible à travers la Commune de Bertrange
Ecological and flexible through the commune of Bertrange
FREE SERVICE
THERMES
BARTRENG
RESTAURANTS
CENTRES COMMERCIAUX
8002.1717
www.bertrange.lu
Commune de BERTRANGE

# INFORMATIONEN - **INFORMATIONS**

Einschreibung // Inscription

## WICHTIGE HINWEISE :

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS :

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES : BCEE LU15 0019 1001 0292 6000
CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club Am Schlass
centre de rencontre

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass

WWW.BERTRANGE.LU



Commune de BERTRANGE